

# Charta vun den Escher Gemeinschaftsgäert

Fir déi verschidden Escher Gemeinschaftsgäert goufen Terrain'en vun der Stad Esch zur Verfügung gestallt. Se ginn all vu verschiddenen Associatiounen geréiert wéi z.B. dem **CIGL Esch, Transition Minett** oder dem **Gaart Belval a.s.b.l.** Ënnerhale ginn d'Gemeinschaftsgäert vun engem Grupp vu BiergerInnen an/oder anere pedagogeschen oder karitativen Organisatiounen. D'Gaardenaarbechten, den Ënnerhalt an d'Recolte gi kollektiv gemaach entspriechend de Modalitéiten déi all Grupp fir sech festgeluecht huet. All nei Persoun ass Wëllkomm esou laang se dës Charta an d'Aarbecht vun de GäertnerInnen respektéiert.

## Accès a Benotzung vum Gaart

Fir hei ze gäertneren an Äert eegent Geméis ze recoltéieren, zéckt net fir eis ze kontaktéieren oder fir spontan bei engem vun eisen Atelieren mat ze maachen. Informatiounen dozou fannt Dir um Panneau bei der Entrée vum Gaart.

Fir jidderengem eng agreabel Notzung vum Gaart kënnen ze garantéieren, weise mer op follgend wichteg Punkten hin:

- **Hënn:** Falls Dir Wëlles hutt Ären treie Begleeder op véier Patten mat an de Gaart ze bréngen, dann haalt e w.e.g. an der Léngt, haalt e wech vun de Planzen a raaft w.e.g. säin Dreck op.
- **Propretéit:** Mer bieden Iech zu der Propretéit vun dësem Gaart bäizedroen andeems Dir en nees esou propper verloosst wéi Dir e virfonnt hutt!



## D'Grondprinzippien vun den Escher Gemeinschaftsgäert

- **Kollektiv Gestioun an Deelen:** Zesumme schaffen an d'Friichten vun eiser Aarbecht deelen.
- **Praktiken déi d'Ëmwelt an d'Biodiversitéit schützen:** Mat nohaltege Praktiken schaffe fir eisen Ekosystem ze erhalen.
- **Natierlecht gäertneren:** D'Notzung vu Pestiziden an Herbiziden ass verbueden fir esou e respektvollen Ëmgang mat der Natur sécher ze stellen.
- **Harmonie mat der Natur an de Saison'en:** Entspriechend de natierleche Kreesleef schaffe fir esou e bessert Verständnis vun der Natur ze kréien.
- **Multikulturalitéit feieren:** Sproochebarrièren ofbauen fir eng multikulturell Gemeinschaft opzebauen.
- **Verschidde Generatiounen a Gemeinschaften zesummebréngen:** Staark Bindungen tëscht Generatiounen a Gemeinschaften férderen.
- **Wuelbefannen, Entspanung a Gesellegkeet:** Eng Plaz schafe wou d'Leit sech kënne wuel fillen, entspanen an austauschen.
- **Wësse weidergin:** Eng Plaz schafe fir Wëssen a Geléiertes weider ze ginn.



## D'Aktivitéiten an den Escher Gemeinschaftsgäert

- **Gaardenaarbecht a Geméisproduktioun:** Eegent Uebst a Geméis produzéieren a recoltéieren.
- **Initiativen zu Gonschte vu Biodiversitéit a Bestëbser :** Sech asetzen fir d'Erhale vun der Biodiversitéit an de Schutz vu Bestëbser-Insekten.
- **Formatiounen, Experimentatiounen an Austausch vu Wëssen a Kënnen:** U Formatiounen deelhuelen, Wëssen austauschen an nei Praktiken ausprobéieren.
- **Fester, Evenementer a gemeinsam Iessen:** Zesumme feieren bei gemeinsame Fester, Evenementer an Iessen.
- **Blumme planzen:** Gréngflächen verschéineren duerch d'Planzen vu Blummen.
- **Bricoléieren, bastelen, flécken:** D'Infrastruktur am Gaart selwer bauen an ënnerhalen.

CIGL·ESCH gaart belval TRANSITION MINETT esch



## D'Charta gouf vu follgenden Escher Gemeinschafts-gäert ënnerschriwwen:

**Jardin du BREEDEWEE**, rue Large:
jardin.esch@transition-minett.lu

**Jardin LES 4 COINS DU MONDE**, rue Dr Emile Colling:
gemeisguart@ciglesch.lu


**Jardin ROSE DES VENTS** et **Jardin du CIPA** , op der Leier:
gemeisguart@ciglesch.lu

**Jardin EIS WISS**, rue de Moedling:
gemeisguart@ciglesch.lu

**Jardin LES CAPUCINES**, rue Louis Braille:
contact@transition-minett.lu an/oder gemeisguart@ciglesch.lu

**Jardin Gaart Belval**, Av. des hauts-Fourneaux:
gaartbelval@gmail.com

Dës Charta gouf ausgeschafft am Kader vum Grupp « Escher Gemeinschaftsgäert » vum « Collectif Citoyen pour le Climat » *(https://www.transition-minett.lu/le-ccc-contact/)*. Wann der Deel vun dësem Grupp wëllt ginn da schreift eis op camille@transition-minett.lu.



## Kaart vun den Escher Gemeinschaftsgäer:

- **Le jardin « Eis Wiss » - CIGL Esch**
- **Gaart Belval - Gaart Belval asbl**
- **Le jardin Nonnewisen - Transition Minett & CIGL Esch**
- **Le jardin des 4 coins du monde - CIGL Esch**
- **Les jardins Rose des Vents et CIPA - CIGL Esch**
- **Le jardin Breedewee - Transition Minett**

CIGL·ESCH gaart belval TRANSITION MINETT esch